

**PROPOSITION DE LOI**  
**relative à la transsexualité et modifiant le Code civil.**

Et gëllt dat gesprachent Wuert

<b>Françoise Hetto-Gaasch:</b>
--------------------------------

Här President

Dir Dammen an dir Hären

D'Sylvie Andrich an ech mir deposéieren haut eng Proposition de loi , di engem vulnerabelen Groupe vu Mënschen stéckweis entgéint kennt:den transgender Persounen.

Wéi definéiert een eng transgender Persoun:

Dat si Persounen , déi sech net deem Geschlecht zougehéireg spieren, dat hinnen bei der Gebuert zougeschriwwen ginn ass.Si empfangen di eegen geschlechtlech Identitéit als eng aner.

Scho vu klengem un.

D'Mierkmoler vum Kierper , déi scheinbar kloer d'Geschlecht definéieren, gi vum Kand däitlech ofgelehnt, well et se als falsch an net passend empfennt.

Just e Kand selwer kann d'Fro beäntweren ob et trans ass oder net.Just hatt ka soen, wat et empfennt a fillt a wéi eng Geschlechtsidentitéit et huet.

Dëst ass keng Phase, kee Choix, keng Krankheet an och keng sexuell Orientéierung.

Transpersoune si Persounen di eng geschlechtlech Emwandlung wëlle maachen, gemaach hunn, Kanner a Jonker di fannen , dass si am falsche Kierper liewen.

Si gi ganz dachs net verstanen an hirer eegener Famill, vun hirer Ëmwelt diskriminéiert, hunn am spéidere Liewe vill Problemer eng Aarbechtsplaz ze fannen, e Logement, a sinn Harcèlement an Haass ausgesat.

Hire Wee bis an den Erwuessenenalter ass ee laangen, schwéiere Wee:

Iwwert Berodung, Diagnostik, Psychotherapie, Pubertéitsblocker, géigegeschlechtlech hormonell Behandlung bis hin zu Operationen vergi vill Joeren vun onglécklech sinn.

Dëse Persounen gëtt en héijen Taux de Suicide zougeschriwwen. Bis zu 30%.

Net well si wëlle stierwen, mee well si hirem Leiden en Enn setze wëllen.

D'Assemblée Parlementaire vum Conseil de l'Europe huet am Abrëll 2015 à l'Unanimité eng Resolutioun gestëmmt, wou d'Memberstaaten opgefuerdert ginn rapid Prozeduren ze instauréieren, opgebaut op Autodéterminatioun, fir kennen Numm a Sexe op offiziellen Dokumenter ze changéieren,

di obligatoresch Sterilisatioun an Traitementen am Kader vun dëser Prozedur ofzeschaffen,

an Transgender och net als mental Krankheet ze klassifizéieren, wat iwwregens och vum Europaparlament gefuerdert gëtt.

A genee do wollte mir mat eiser Proposition de loi usetzen.